ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

D'Vereenegung Lëtz rise up huet de 16. Januar 2021 e Webinar mam Titel „Racisme structurel au Luxembourg: de quoi parle-t-on?" organiséiert an et gouf ausdrécklech drop higewisen, datt Leit mat wäisser Hautfaarf net duerfen deelhuelen.

Am Interview beim *l'essentiel* erkläert d'Sandrine Gashonga, Presidentin vu Lëtz Rise Up a Coanimatrice vum Evenement: „La conférence virtuelle n'est donc pas ouverte aux personnes blanches, mais „à toutes les personnes racisées (NDLR: assignées à une catégorie raciale) qui se sentent concernées par la lutte contre le racisme, sans limite de nombre, et sur inscription".

Am selwechten Artikel gëtt d'Madamm Minister fir Famill an Integratioun, déi och Parteipresidentin vun der DP ass, folgendermoossen zitéiert: „les associations ont le droit de définir leurs propres critères".

Am Internet an op de sozialen Netzwierker ass dëse Fall vu ganz ville Leit als Rassismus bezeechent a kritiséiert ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Minister fir Famill an Integratioun gär folgend Froe stellen:

1. Ass et fir d'Madamm Minister an der Rei, wa Leit wéinst hirer Hautfaarf, Rass, Ethnie, zu Lëtzebuerg, am Joer 2021, vun Evenementer ausgeschloss ginn? Gëllt esou en Ausschléisse vu bestëmmte Gruppen net als Diskriminatioun?
2. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt dësen Akt, bei deem Leit mat wäisser Hautfaarf konkret an onmëssverständlech vun engem Evenement ausgeschloss ginn, rassistesch ass? Wann nee firwat net? Kann d'Madamm Minister verstoen, datt vill Leit net domat averstane sinn an e Problem doranner gesinn?
3. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt et kee Rassismus géint Mënsche mat wäisser Hautfaarf gëtt? Wéi begrënnt d'Madamm Minister hir Äntwert?

4. Wéi d'Madamm Minister dem *l'essentiel* sot, duerfen Associatiounen „hir eege Krittären definéieren". Duerfen Associatiounen an dëser Logik dann och Leit mat schwaarzer oder anerer Hautfaarf ausschléissen? Wéi begrënnt d'Madamm Minister hir Äntwert?

5. Ass der Madamm Minister hirer Opfaassung no d'Ausschléisse vu Leit mat wäisser Hautfaarf ze begrënnen, virun allem, wa si am selwechte Kontext seet: „Le Luxembourg est un pays ouvert sur le monde."? Wa jo, wéi an ënner wat fir Konditiounen? Gëllt dëst da just bei Leit mat wäisser Hautfaarf?

6. Op Nofro vum *l'essentiel* wier d'Madamm Minister „net schockéiert" iwwert esou eng Manifestatioun an hätt gesot: „Si cela est utile pour le vivre-ensemble et que les personnes victimes de racisme peuvent mieux s'exprimer, alors pourquoi pas…". Hält d'Madamm Minister d'Awunner vu Lëtzebuerg mat wäisser Hautfaarf fir esou rassistesch, datt si dësen Akt fir eventuell „nëtzlech" hale kéint an dës Virgoensweis net auschléisse wéilt?

7. Gesäit d'Madamm Minister de Risiko, datt Evenementer, déi mat esou Krittären organiséiert ginn, eventuell Problemer ausléise kéinten, déi grad dozou féieren, datt déi eng Grupp géigeniwwer där anerer méi skeptesch gëtt, wat d'Zesummeliewe géing méi schwéier maachen?

8. Huet d'Madamm Minister wëlles, dëse Fall beim Parquet wéinst Diskriminéierung oder Rassismus ze denoncéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten